# Szene 1 :

Track 00

*(De Rideau geet op. Ett gesäit een den Dschungel an heiert een dozou déi passend Geräischer. Den Lord Bruce Ismay an den Sir Archibald Murdoch kommen op d'Bühn. Sie bewegen sech ganz virsichteg durch den Dschungel an halen hirt Gewier prett. Et mierkt een dass si op der Sich no eppes sin.)*

Lucht Bühn un

Ismay : Elo sin mir schons 2 Stonnen ennerwee an mir hun nach net eemol e Wutz vun engem Tiger gesin.

Murdoch : Ech fäerten, dass mir eis hei an desem groussen Dschungel verlaafen.

Ismay : *(zieht e Kompass aus senger Täsch)* Keng Angscht! Schliesslech hun ech mäin Kompass dobäi.

Track 01

*(Ett heiert een d'Elefanten aus dem Dschungel. Den Sir Archibald an den Lord Ismay zucken zesummen an kucken voller Angscht ronderem sech. Den Buldeo taucht hanner hinnen op der Bühn op.)*

Murdoch : Wat wor datt ?

Ismay : Dat sin d'Elefanten, géif ech mengen.

Murdoch: Kee Wonner dass mir hei keen Tiger fannen.

Ismay : Am beschten probéieren mir bis bei de Waiungafloss ze kommen. Vläicht hun mir do méi Chance.

Buldeo : Do ass och keen Tiger ze fannen.

*(Den Lord Ismay an den Sir Archibald bleiwen wie vum Bletz getraff stoen. Sie dreien sech lues em an gesin den Buldeo, deen mat sengem Bou op se duer kennt. )*

Buldeo : Wat huet dir an mengem Revéier ze sichen?

Ismay : Jo ...., ähm..... mir .....ähm ..... ech ....., mir wollten hei op d'Juegd goen.

Murdoch : Ee ..... Een ..... Tiger soll hei an der Gegend sin, ass eis gezielt gin.

Buldeo : *(lacht)* Ha ! Dat woer eemol. Den Tiger, deen huet sech schon laang durch d'Bascht gemaacht an dat géif ech iech och roden.

Ismay : Ett soll anscheinend e wonnerscheinen Tiger sin, wie d'Leit aus dem Duerf eis gesot hun.

Buldeo : Jo, hien wor wonnerschein, mee elo..... .

Murdoch : Dir schengt hei kenneg ze sin. Wellt dir eis net hëllefen, den Tiger ze fannen?

Buldeo : Vergiesst ett! Den Tiger ass schon laang fort! Basta! An säin verbrannte Pelz ass och näischt mei wert.

Ismay : Verbrannte Pelz? Firwat verbrannt?

Murdoch : Ech mengen, dir wesst mei, wie dir eis wellt zielen.

Buldeo : Jo dat stemmt. Ech weess villes iwwer desen Tiger. Wann dir wellt, zielen ech iech d'ganz Geschicht.

Ismay : Okay! Da lass!

*(Den Buldeo, den Sir Archibald an den Lord Ismay gin op d'lenks Säit vun der Bühn an setzen sech.)*

Spot op d'Erzieler, Lucht Bühn ous

Buldeo : Hei op deser Säit vum Waiunga-Floss ass d'Gebitt vun den Sioni-Wellef. Des Wëllef hun streng Gesetzer no deenen si liewen an ett däerf keen anert wellt Déier hei op d'Juegd goen. Den Schir-Khan, den Tiger, deen iech esou interesséiert, huet op der anerer Säit vum Floss säin Revéier. Sou hun d'Sioni-Wellef an hien nie Sträit kritt. Mee op eemol hun d'Bescharbechter d'Beem an dem Schir-Khan sengem Reveier gehaen, weinst dem Bau vun der Eisebunn. Dodurch sin vill Déieren verdriwwe gin an fir den Schir-Khan gouf ett emmer mei schwéier eppes ze friesse ze fannen.
Sou ass ett komm, dass den Schir-Khan eppes gemacht huet, wat vill Ongleck iwwert de Ruddel vun den Sioni-Wellef bruecht huet.
Lauschtert gudd no...... .

Spot ous, Lucht Bühn un

*(De Tabaqui, de Schakal, kennt op d'Bühn.)*

Tabaqui : Rama ! Raschka ! ... Rama ! Raschka ! Wou sidd dir?.. Ech sin ett, den Tabaqui de Schakal.

*(De Rama, d'Raschka an hir 2 Jonger kommen op d' Bühn. Si sin net grad begeeschert hien ze gesin. Déi zwee Jonger sin nach amgaang un e puer Schancken ze knabberen.)*

Rama : Kuck emol un! Den Tuttebatti ass erem hei! Et deet mir leed, mee leider hun mir näischt mei fir dech.

Raschka : Wéiss du gesäiss, ass vun dem Bock näischt mei iwwereg. Domm gang! *(si weist op d'Jongen, die hir Schancken wech geheien).*

Tabaqui : Mee hei esou eng kleng Schanck geef mir schons duer goen. Dat ass fir mech e 3-Stäre-Menü...

*(Den Tabaqui hellt d'Schanck an knabbert dorunner. D'Raschka geheit him nach eng zweet Schanck virun d'Feiss.)*

Raschka : Hei hues du nach een!

Tabaqui : Villmols merci! Dir sidd vill ze vill fein mat mir!

Rama : Mir kennen dech Tabaqui. Du bass dach net just komm, fir un den Schancken ze knabberen.

Raschka : Huest du erem d'Fléi héieren houschten, oder bass du erem de Bréifdréier vun irgendengem?

Murdoch : Ech mengen, dir wesst mei, wie dir eis wellt zielen.

Buldeo : Jo dat stemmt. Ech weess villes iwwer desen Tiger. Wann dir wellt, zielen ech iech d'ganz Geschicht.

Ismay : Okay! Da lass!

*(Den Buldeo, den Sir Archibald an den Lord Ismay gin op d'lenks Säit vun der Bühn an setzen sech.)*

Spot op d'Erzieler, Lucht Bühn ous

Buldeo : Hei op deser Säit vum Waiunga-Floss ass d'Gebitt vun den Sioni-Wellef. Des Wëllef hun streng Gesetzer no deenen si liewen an ett däerf keen anert wellt Déier hei op d'Juegd goen. Den Schir-Khan, den Tiger, deen iech esou interesséiert, huet op der anerer Säit vum Floss säin Revéier. Sou hun d'Sioni-Wellef an hien nie Sträit kritt. Mee op eemol hun d'Bescharbechter d'Beem an dem Schir-Khan sengem Reveier gehaen, weinst dem Bau vun der Eisebunn. Dodurch sin vill Déieren verdriwwe gin an fir den Schir-Khan gouf ett emmer mei schwéier eppes ze friesse ze fannen.
Sou ass ett komm, dass den Schir-Khan eppes gemacht huet, wat vill Ongleck iwwert de Ruddel vun den Sioni-Wellef bruecht huet.
Lauschtert gudd no..... .

Spot ous, Lucht Bühn un

*(De Tabaqui, de Schakal, kennt op d'Bühn.)*

Tabaqui : Rama ! Raschka ! ... Rama ! Raschka ! Wou sidd dir?.. Ech sin ett, den Tabaqui de Schakal.

*(De Rama, d'Raschka an hir 2 Jonger kommen op d' Bühn. Si sin net grad begeeschert hien ze gesin. Déi zwee Jonger sin nach amgaang un e puer Schancken ze knabberen.)*

Rama : Kuck emol un! Den Tuttebatti ass erem hei! Et deet mir leed, mee leider hun mir näischt mei fir dech.

Raschka : Wéiss du gesäiss, ass vun dem Bock näischt mei iwwereg. Domm gang! *(si weist op d'Jongen, die hir Schancken wech geheien).*

Tabaqui : Mee hei esou eng kleng Schanck geef mir schons duer goen. Dat ass fir mech e 3-Stäre-Menü...

*(Den Tabaqui hellt d'Schanck an knabbert dorunner. D'Raschka geheit him nach eng zweet Schanck virun d'Feiss.)*

Raschka : Hei hues du nach een!

Tabaqui : Villmols merci! Dir sidd vill ze vill fein mat mir!

Rama : Mir kennen dech Tabaqui. Du bass dach net just komm, fir un den Schancken ze knabberen.

Raschka : Huest du erem d'Fléi héieren houschten, oder bass du erem de Bréifdréier vun irgendengem?

Tabaqui : Jo, sou ass ett. Den Schir-Khan, den Tiger huet mech ugestallt, fir iech Wëllef matzedeelen, datt hien och op deser Säit vum Floss well op d'Juegd goen.

Rama : Dat däerf hien net! Dat ass geint eis Ofmaachung!

Raschka : Huet hien op senger Säit vum Floss net mei genuch ze friessen?

Tabaqui : Leider net. Durch d'Bescharbechter sin vill Déieren verdriwwe gin.

Rama : An dann mengt hien, dass hien kann einfach op eis Säit vum Floss ka kommen.

Raschka : Hien soll méi wäit erof bei de Floss goen, do wou d'Bescharbechter nach net sin.

Tabaqui : Hien wellt iech näischt ewechhuelen. Den Schir-Khan, de Groussen, huet een Aen op d'Dierfer geworf.

Rama : Wat? Wellt hien d'Menschen joen? Die schwachst Liewewiesen déi et op der Äerd gitt? Domat braucht hien sech wirklech net ze bretzen.

Tabaqui : Wien seet dat hien wellt d'Menschen ugräifen. An den Dierfer gitt et vill Véi.

Raschka: Eierlech gesot, brengt hien esou nemmen Ongleck iwwer den Dschungel an iwwer all d'Déieren. Daat kanns du dengem grousse Meschter roueg matdeelen.

Tabaqui : Wéi dir mengt! Dat wäert ech machen.

Track 02

*(Et heiert een d'Gebrell vun engem Tiger)*

Tabaqui : Pardon, elo ass et ze speit fir wieder ze braddelen. Den Schir-Khan ass schons do.

*(Den Tabaqui geet vun der Bühn of. D'Wollefsfamill bleiwt alleng zereck. D'Jongen reckelen mei no bei hier Mam.)*

# Szene 2 :

*(D' Wollefsfamill setzt voller Angscht op der Bühn a wart waat weider geschidd. Et héiert een en Tiger brellen.)*

Track 03


Rama : De Schir-Khan ass verreckt. Deen gräift jo wirklech en Duerf un.

Lucht méi daischter

~~**Musik : Hans Zimmer « ... To Die For »**~~ Track 04

- ~~*0 sec – 19 sec*~~ *: Jidereen wart gespaant.*
- ~~*20 sec – 1 min 55 sec*~~ *: D'Duerfbewunner laafen virum Tiger fort. Sie laafen, eenzel, oder zesummen op d'Bühn, kucken sech voller Angscht em an laafen d'Trap erof an d'Publikum.*
- *1* ~~*min 56 sec – 1 min 59*~~ *sec : Eng Koppel leeft op d'Bühn. D'Mamm huet e Puppelchen um Arm.*
- ~~*2 min 00 sec – 2 min 05 sec*~~ *: D'Mam bleiwt stoen an kuckt voller Angscht an d'Duerf zreck. De Puppelchen fällt hier aus den Ärm. De Papp wellt an d'Leit sprangen, dréit sech awer nach eng Kéier em an leeft zreck bei d'Mamm.*
- ~~*2 min 06 sec – 2 min 15 sec*~~ *: De Papp hellt d'Mamm mat. Déi zwee flüchten an de Publikum. De Puppelchen hun sie vergiess.* Spot op d'Wollefsfamill
- ~~*2 min 16 sec – 2 min 45*~~ *sec : De Rama geht bei de Puppelchen, richt un em, hellt en an d'Maul an dréit en bei seng Famill.*
- *2* ~~*min 46 sec – 3 min 19*~~ *sec : D'Wollefsfamill kuckt sech de Puppelchen un.*
- ~~*3 min 20 sec – 3 min 45*~~ *sec : D'Wollefsfamill stellt sech am Krees ronderem de Puppelchen.*

~~*No 3 min 45 sec gett d'Musik ausgeblendt.*~~



## Szene 2 :

*(D' Wollefsfamill setzt voller Angscht op der Bühn a wart waat weider geschidd. Et héiert een en Tiger brellen.)*

Track 03


Rama : De Schir-Khan ass verreckt. Deen gräift jo wirklech en Duerf un.

Lucht méi daischter

~~Musik : Hans Zimmer « ... To Die For »~~ Track 04

- ~~0 sec – 19 sec~~ : Jidereen wart gespaant.
- ~~20 sec – 1 min 55 sec~~ : D'Duerfbewunner laafen virum Tiger fort. Sie laafen, eenzel, oder zesummen op d'Bühn, kucken sech voller Angscht em an laafen d'Trap erof an d'Publikum.
- 1 ~~min 56 sec – 1 min 59 sec~~ : Eng Koppel leeft op d'Bühn. D'Mamm huet e Puppelchen um Arm.
- ~~2 min 00 sec – 2 min 05 sec~~ : D'Mam bleiwt stoen an kuckt voller Angscht an d'Duerf zreck. De Puppelchen fällt hier aus den Ärm. De Papp wellt an d'Leit sprangen, dréit sech awer nach eng Kéier em an leeft zreck bei d'Mamm.
- ~~2 min 06 sec – 2 min 15 sec~~ : De Papp hellt d'Mamm mat. Déi zwee flüchten an de Publikum. De Puppelchen hun sie vergiess. Spot op d'Wollefsfamill
- ~~2 min 16 sec – 2 min 45 sec~~ : De Rama geht bei de Puppelchen, richt un em, hellt en an d'Maul an dréit en bei seng Famill.
- 2 ~~min 46 sec – 3 min 19 sec~~ : D'Wollefsfamill kuckt sech de Puppelchen un.
- ~~3 min 20 sec – 3 min 45 sec~~ : D'Wollefsfamill stellt sech am Krees ronderem de Puppelchen.

~~No 3 min 45 sec gett d'Musik ausgeblendt.~~



## Szene 3 : Lucht Bühn aus, Spot op d'Erzieler

Ismay : E klengen Puppelchen, deen vun enger Wollefsfamill opgeholl gett? Sou eppes hun ech nach nie héieren. Ech kann daat baal net gleewen.

Buldeo : Ob dier mer et elo gleewt oder net, ech kann lech nemmen erzielen waat ech deen Owend am Dschungel gesinn hun. Ech hun mech op engem Baam verstoppt an hun alles materlieft.

Murdoch : Waat mir bis elo héieren hun, erklärt awer net virwaat den Tiger net méi hei ass.

Buldeo : Den Schir-Khan, der Tiger, deen wollt natierlech net sou séier opgin. Hien ass den Bewunner vum Duerf nogelaaf. Dobäi huet hien den Rama an d'Raschka begéint.

Spot aus, luchten Bühn un Track 05

*(Et héiert een en Tiger brellen. Den Tabaqui kennt op d'Bühn an schläicht bei d'Wollefsfamill. Hien mierkt, dass sie en Puppelchen bei sech hun.)*

Tabaqui: Hei Meschter! Komm séier heihinn. Hei ass e Puppelchen.

*(D'Wollefsfamill erféiert an dréit sech em.)*

Rama : Géi bei der Däiwel, Tabaqui, Du dreckegen Verréider!

*(De Schir-Khan kennt op d'Bühn. Den Tabaqui bleiwt an senger Géigend. D'Raschka setzt sech virun de Puppelchen fir en ze beschützen. Déi kleng Wëllef setzen sech ganz no bei hier Mamm)*

Rama : De Schir-Khan! Waat eng Éier! Fir waat wier et wann ech glift?

Schir-Khan : Daat Kand well ech. Deen Puppelchen gehéiert mir. Reckelt en direkt eraus.

Rama : Mir Wëllef sin e fräit Vollek. Nemmen den Akela, eisen Chef, huet eis eppes ze soen, an soss keen. A schon guer net en Tiger, deen ouni Recht an eist Gebitt kennt, an och nach esou feig ass d'Menschen unzegräifen. Daat Menschenkand gehéiert eis, mir kennen mat him maachen waat mer wellen.

Schir-Khan : Maachen waat dir wellt! Waat schwätzt du fir en Kabes? Den groussen Schir-Khan schwätzt mat dir an wellt daat Kand.

*(D'Raschka mecht e Satz no fir)*

Raschka : An elo ass et u mir, dem Raschka, fir ze schwätzen. Daat Menschenkand gehéiert mir, du Menschenfresser. An et bleiwt och mäint. Et soll liewen an mat deenen aaneren Wëllef laafen a joen. An et soll dech joen du armséilegen Menschenjeer. Et soll dir de Pelz iwert deng Kaatzenouren zéien. An elo maach dass du fort kenns!


Schir-Khan : Jo! Jo! Du kanns elo hei grouss Téin späitzen. Ech sin gespaant waat déi aaner Wëllef aus dem Ruddel derzou soen, dass de Rama an d'Raschka e Menschenkand bei sech opgeholl hun. Ech maachen mech elo aus dem Stepps, mee ech sin secher, irgentwann land daat Menschenkand awer nach zweschend mengen Zänn.

*(De Schir-Khan an den Tabaqui verlossen d'Bühn)*

Rama : Raschka, wells du daat Menschenkand wirklech haalen?

Raschka : Natierlech well ech hien haalen. Mengs du éiren ech géif deem Menschenfresser esou en helleflost Wiesen einfach esou iwerlossen. Kuck emol, waat ass et en léiwen. Ech nennen dech Mogli, klengen Fräsch. Ech well dech grouss zéien, wéi een vun mengen Kanner. An enges Dags wäerts du den Schir-Khan joen, sou wéi hien dech haut gejot huet.


Rama : Awer an engem Punkt huet den Schir-Khan Recht, an daat wees du och. Mir mussen eisem Ruddel d'Menschenkand weisen.



Rama : Raschka, wells du daat Menschenkand wirklech haalen?

Raschka : Natierlech well ech hien haalen. Mengs du éiren ech géif deem Menschenfresser esou en helleflost Wiesen einfach esou iwerlossen. Kuck emol, waat ass et en léiwen. Ech nennen dech Mogli, klengen Fräsch. Ech well dech grouss zéien, wéi een vun mengen Kanner. An enges Dags wäerts du den Schir-Khan joen, sou wéi hien dech haut gejot huet.

Rama : Awer an engem Punkt huet den Schir-Khan Recht, an daat wees du och. Mir mussen eisem Ruddel d'Menschenkand weisen.



## Szene 4 : Lucht Bühn aus, Spot op d'Erzieler

Ismay : Dann war et jo wuel d'Raschka waat den Tiger verdriwen huet, oder hunn ech do eppes falsch verstaanen.

Buldeo : Nee ! Nee ! D'Raschka huet den Tiger zwar beandrockt mee elleng do duerch huet den Schir-Khan sech awer net durch d'Bascht gemaach.

Murdoch : Huett dir dann och gesinn, wéi den Rama an d'Raschka dem Ruddel d'Menschenkand gewisen hun.

Buldeo : Natierlech !

Ismay : Daat kann ech net gleewen. Wéi hun sie den Wëllef dann iwerhapt Bescheed gesoot?

Buldeo : Dir hudd jo wirklech keng Ahnung. Hei wees Jidereen dass d'Wëllef sech bei Vollmound beim Rotsfiels treffen.

Murdoch : Waat ass dann do beim Rotsfiels geschidd?

Buldeo : D'Gesetz vun de Wëllef seet dass all nei gebuerenen Wollef vum Ruddel muss opgeholl gin. Dofier mussen d'Elteren hir Kanner bei de Rotsfiels brengen. Do gett entscheed op de klengen Wollef opgeholl gett. Dofir muss d'Rascka och de Mogli beim Ruddel weisen. Mee d'Wëllef haat hier Rechnung ouni de Schir-Khan gemaach....

**~~Musik : Hans Zimmer « King of Pride Rock~~ »**

Spot aus, Lucht Bühn méi daischter

D'~~Musek gett bei 1 min 27 sec ageblen~~dt. Track 06

- *1 ~~min 27 sec – 1 min 55 sec~~ : D'Wëllef vum Ruddel kommen op d'Bühn a setzen sech ronderem de Rotsfiels. De Rama an d'Rascka kommen als lescht mam Mogli.*
- *1 ~~min 56 sec – 2 min 08~~ sec : Den Akela kennt op d'Bühn a gett begréisst. De Balu kennt kuerz no him.*
- *2 ~~min 09 sec – 2 min 20~~ sec : Den Akela seet dem Raschka hatt sol de Mogli an de Kress leen.*
- *2 ~~min 21 sec – 2 min 35~~ sec : D'Wëllef kucken sech de Mogli ganz genee un.*
- *2 ~~min 36 sec – 2~~ min 50 sec : D'Wëllef diskutéieren iwert den Mogli.*
- *2 ~~min 51 sec – 3 min 16~~ sec : De Schir-Khan taucht op! D'Wëllef erféieren.*

*D'~~Musik gett bei 3 min 16 sec ausgeblen~~dt.*

Lucht Bühn un

Akela : Schir-Khan ! Du hells dir schon d'Fräiheet eraus an onsem Gebitt op d'Juecht ze goen an elo platzt du och nach an eis Versammlung eran ! Du weess jo, dass du dat net däerfs!

Schir-Khan : Aer Gesetzer interesséieren mech net. Ech kennen nëmmen déi Gesetzer, déi ech maachen. An no dem Gesetz gehéiert daat Menschekand mir. An elo gidd mir hien heihin! An iwwerhaapt, wéi kann äert Vollek sech nemmen mat engem Menschekand ofgin?

Wollef 1: Gudd Fro ! Waat hun mir Wëllef mat engem Menschekand ze dinn ?

*(D'Wëllef diskutéieren wëll duercherneen )*

Akela : Stop! Dir kennt Gesetz. Et seet, dass wann d'Ruddel net enger Meenung ass, dann mussen op mannst zwee Wëllef enger Meenung sin. Also dofir froen ech iech: wien ass dofir, dass mir d'Menschekand ophuelen .

*(Keen äentwert an se kucken all ewech.)*

Balu : Ech den Balu, den Bier, sin fir den Menschejong. Et wäert dem Rudel bestëmmt net schueden. Nee, mee ganz am Géigendeel, mir kennen vill vun him léieren. Ech behandeln hien genau esou wéi déi aner jonk Wëllef an ech ënnerrichten hien genausou.

Schir-Khan : Den Balu ass e Bier an kee Wollef. Hien däerf guer näischt soen!

Akela : Falsch, de Balu ass eisen Schoulmeeschter. Hien däerf doweinst un eisen Versammlungen deelhuelen. Säin Wuert gellt. Wien ass nach fir d'Menschekand ?

*(Keen mellt sech. De Baghira kennt op d' Bühn )*

Baghira : Ech wees, ech hun hei näischt ze soen, mee ech froen trotzdem d'Erlabnis fir ze schwätzen

Wollef 2 : Schwätz !

Baghira : Esou wäit ech am Bild sinn, kann een d'Opnam`an de Ruddel och erkafen. Stëmmt dat? An et steet awer net dran, wien daat muss bezuelen.

Akela : Dat stemmt !

Baghira : Et wär schon schlëmm, wann een e Menschekand einfach esou am Dschungel geif loossen, wou hien bestëmmt net iwwerlieft. Ech géif et besser fannen, wann dir en geift ophuelen. An wien weess, wann hien bis grouss ass, kënnt dir bestemmt nach eppes vun him léieren. Den Balu huet fir hien geschwat. Dann feelt jo just nach een, den eppes fir seng Opnam an de Ruddel bezillt. Ma dat maachen ech: ech gin iech en Ochs, deen ech virun enger Stonn gefangen hun. Awer nemmen wann dir de Jong ophuelt.

Wolllef 3: Firwat sollen mir daat net machen ?

Wollef 4: E kennt jo vläicht net iwwert de Wanter oder e verdiischtert an der Summerhëtzt.

Lucht Bühn un

Akela : Schir-Khan ! Du hells dir schon d'Fräiheet eraus an onsem Gebitt op d'Juecht ze goen an elo platzt du och nach an eis Versammlung eran ! Du weess jo, dass du dat net däerfs!

Schir-Khan : Aer Gesetzer interesséieren mech net. Ech kennen nëmmen déi Gesetzer, déi ech maachen. An no dem Gesetz gehéiert daat Menschekand mir. An elo gidd mir hien heihin! An iwwerhaapt, wéi kann äert Vollek sech nemmen mat engem Menschekand ofgin?

Wollef 1: Gudd Fro ! Waat hun mir Wëllef mat engem Menschekand ze dinn ?

*(D'Wëllef diskutéieren wëll duercherneen )*

Akela : Stop! Dir kennt Gesetz. Et seet, dass wann d'Ruddel net enger Meenung ass, dann mussen op mannst zwee Wëllef enger Meenung sin. Also dofir froen ech iech: wien ass dofir, dass mir d'Menschekand ophuelen .

*(Keen äentwert an se kucken all ewech.)*

Balu : Ech den Balu, den Bier, sin fir den Menschejong. Et wäert dem Rudel bestëmmt net schueden. Nee, mee ganz am Géigendeel, mir kennen vill vun him léieren. Ech behandeln hien genau esou wéi déi aner jonk Wëllef an ech ënnerrichten hien genausou.

Schir-Khan : Den Balu ass e Bier an kee Wollef. Hien däerf guer näischt soen!

Akela : Falsch, de Balu ass eisen Schoulmeeschter. Hien däerf doweinst un eisen Versammlungen deelhuelen. Säin Wuert gellt. Wien ass nach fir d'Menschekand ?

*(Keen mellt sech. De Baghira kennt op d' Bühn )*

Baghira : Ech wees, ech hun hei näischt ze soen, mee ech froen trotzdem d'Erlabnis fir ze schwätzen

Wollef 2 : Schwätz !

Baghira : Esou wäit ech am Bild sinn, kann een d'Opnam'an de Ruddel och erkafen. Stëmmt dat? An et steet awer net dran, wien daat muss bezuelen.

Akela : Dat stemmt !

Baghira : Et wär schon schlëmm, wann een e Menschekand einfach esou am Dschungel geif loossen, wou hien bestëmmt net iwwerlieft. Ech géif et besser fannen, wann dir en geift ophuelen. An wien weess, wann hien bis grouss ass, kënnt dir bestemmt nach eppes vun him léieren. Den Balu huet fir hien geschwat. Dann feelt jo just nach een, den eppes fir seng Opnam an de Ruddel bezillt. Ma dat maachen ech: ech gin iech en Ochs, deen ech virun enger Stonn gefangen hun. Awer nemmen wann dir de Jong ophuelt.

Wolllef 3: Firwat sollen mir daat net machen ?

Wollef 4: E kennt jo vläicht net iwwert de Wanter oder e verdiischtert an der Summerhëtzt.

Wollef 2: E kann eis jo näischt undoen

Wollef 1: Wou ass deen Ochs, Baghira ?

Wollef 3: Ech fannen mir sollen dem Baghira sain Virschlaag unhuelen

Wollef 4: Jo !!!

*(D'Wellëf laafen vun der Bühn.)*

Schir-Khan : Daat daerf dach net wouer sin !

Akela : Du hues hier Meenung heieren. D'Menschekand gehéiert zu eisem Ruddel.

Schir-Khan : Ech verspriechen iech, eng Kéier ass en awer zwëschend mengen Zänn.

*(Schir-Khan vun der Bühn .)*


Akela : Rama, huel de Jong mat dir an erzéi en esou wéi et sech fir de Wollef vun eisem Ruddel gehéiert.

*(Rama, Raschka, Baghira, Balu und Akela vun der Bühn mat der passender Musek)*

***~~Musik : Hans Zimmer « King of Pride Rock »~~*** Track 07

*~~Die Musik wird bei 4 min 20 sec eingeblendet und bei 4 min 50 sec~~ ausgeblendet.*

Lucht Bühn aus



# Szene 5 :

Spot op d'Erzieler

Ismay : Wann ech dech richteg verstannen hun, hätten d'Welléf de Mogli, net an d'Ruddel opgeholl

Buldeo : Stemmt, wann de Baghira hinnen net deen Ochs geschenkt hätt, dann wär den Mogli wahrscheinlech net an de Ruddel opgeholl gin. Mee dodrun kann elo näischt méi geännert gin. Den Mogli gehéiert elo zum Ruddel.

Murdoch : War dat och den Grond, fir deen de Schir-Khan säin Revéier verlooss huet?

Buldeo : Nee, Nee. Den Schir-Kann huet säin Revéier net verlooss. Hien ass hinnen nëmmen aus dem Wee gangen. Hien ass awer nach heiansdo laanscht kucken gangen. Esou séier gett en Tiger net op!

Ismay : Huet hien probéiert den Mogli ëmzebréngen ?

Buldeo : Natiirlech hätt hien daat direkt gemaacht, wann hien d'Geleegenheet gehaat hätt. Mee hien hat net d'Méiglechkeet fir un hien erun zekommen, well den Balu an den Baghira hu gudd op hien opgepasst.

Murdoch : Huet hien d'Wollefsfamill verlooss ?

Buldeo : Nee, de Balu war säin Schoulmeeschter an hien huet den Mogli genau esou behandelt, wéi all déi aner Wëllef. De Bagihra huet him dobäi gehollef an de Mogli mat op d'Juecht geholl.

Ismay : Waat kannn e Bier de Mënschen an de Wëllef bäibréngen ?

Buldeo : Ganz vill ! De Balu weess alles iwwert den Dschungel. Alles iwwert d'Déieren an d'Planzen. Hien weess genee, waat fir eng een kann iessen an waat fir eng net. An hien kennt d' Déieresprochen. Du gesäiss e besseren Schoulmeeschter kann een guer net hun.

Murdoch : Waat huet de Mogli bei him geléiert ?

Buldeo : Wann ech dir daat alles erzielen sin ech nach muer am gangen. Kuerz gesot den Balu huet him alles bäibruecht, waat hie muss wëssen fir am Dschungel kënnen z'iwwerliewen.....

Spot op d'Erzieler

# Szene 5 :

Ismay : Wann ech dech richteg verstannen hun, hätten d'Welléf de Mogli, net an d'Ruddel opgeholl

Buldeo : Stemmt, wann de Baghira hinnen net deen Ochs geschenkt hätt, dann wär den Mogli wahrscheinlech net an de Ruddel opgeholl gin. Mee dodrun kann elo näischt méi geännert gin. Den Mogli gehéiert elo zum Ruddel.

Murdoch : War dat och den Grond, fir deen de Schir-Khan säin Revéier verlooss huet?

Buldeo : Nee, Nee. Den Schir-Kann huet säin Revéier net verlooss. Hien ass hinnen nëmmen aus dem Wee gangen. Hien ass awer nach heiansdo laanscht kucken gangen. Esou séier gett en Tiger net op!

Ismay : Huet hien probéiert den Mogli ëmzebréngen ?

Buldeo : Natiirlech hätt hien daat direkt gemaacht, wann hien d'Geleegenheet gehaat hätt. Mee hien hat net d'Méiglechkeet fir un hien erun zekommen, well den Balu an den Baghira hu gudd op hien opgepasst.

Murdoch : Huet hien d'Wollefsfamill verlooss ?

Buldeo : Nee, de Balu war säin Schoulmeeschter an hien huet den Mogli genau esou behandelt, wéi all déi aner Wëllef. De Bagihra huet him dobäi gehollef an de Mogli mat op d'Juecht geholl.

Ismay : Waat kannn e Bier de Mënschen an de Wëllef bäibréngen ?

Buldeo : Ganz vill ! De Balu weess alles iwwert den Dschungel. Alles iwwert d'Déieren an d'Planzen. Hien weess genee, waat fir eng een kann iessen an waat fir eng net. An hien kennt d' Déieresprochen. Du gesäiss e besseren Schoulmeeschter kann een guer net hun.

Murdoch : Waat huet de Mogli bei him geléiert ?

Buldeo : Wann ech dir daat alles erzielen sin ech nach muer am gangen. Kuerz gesot den Balu huet him alles bäibruecht, waat hie muss wëssen fir am Dschungel kënnen z'iwwerliewen.....

Spot aus, Liicht Bühn daischter

~~***Musik : Yanni « Adagio in C-Minor » Dauer 3 min 50 sec***~~

Track 08

- *Den Balu weist dem Mogli Planzen (Dekor). Déi meschten Planzen kennt den Mogli* ***net*** *den Balu reecht sech op.*
- *Baghira seet zu Mogli dass den Mogli hien soll fängen, den Mogli leeft him no .*
- *Baghira an den Mogli kämpfen mateenen*
- *Den Balu get dem Mogli ( Aan zou) Friichten ze schmaachen dono muss den Mogli soen wat et war*
- *Baghira und Mogli gin duerch den Dschungel an sie gesin eng Faal*
- *Mogli zitt engem Wollef eng Pick aus der Patt*
- *Den Balu weist dem Mogli Planzen (Dekor). Déi meschten Planzen kennt den Mogli den Balu get him aus Belounung Ness an Hunneg*
- *Balu, Baghira und Mogli iessen Ness an sie halen eng Mettesrascht.*



Lucht Bühn aus, Spot op d'Erzieler

## Szene 6 :

Ismay : Huet den Bier dem Mogli während 10 Joer Saachen beibruecht?

Buldeo : Jo !

Murdoch : Daat as awer laang! An den Schir-Khan, den Tiger, huet wärend der Zait nie probéiert den Mogli dout ze maachen?

Buldeo : Nee! Daat wier och schwéier gewierscht! Den Mogli war oft beim Baghira an bei den Panther traut den Tiger sech net! Do war och nach den Akela, den Chef vun den Sioni-Wellëf an deen fäert den Schir-Khan! Mee den Schir-Kann huet vill Gedold!

Ismay : Waat mengt Dir domat?

Buldeo : Den Schir-Kann wousst, dass den Akela emmer mei aal gin as an iergentwann net mei staark genuch wier, fir Chef bei den Wëllef ze sin!

Murdoch : Mee daat as dach egal! Wann den Akela net méi Chef kann sin, dann kennt en aaneren an dann muss den Schir-Khan sech mat deem uleen!

Buldeo : Sou einfach as daat leider net! Dir wesst bestemmt dass vill Wëllef den Mogli net an hiirem Rudel wollten an deen neien Chef kéint jo den Mogli aus dem Ruddel verstoussen an dann hätt hien keng Chance mei geint den Schir-Khan!

Ismay : Mee waat as dann lo wierklech passéiert?

Buldeo : Ech zielen ierch et…

*(Den Mogli kennt op d'Bühn an sicht no Ness mee fennt keng. Wärend hien sicht kennt den Tabqui an kuckt him no. Ebemol entdeckt den Mogli hien.)*

Spot aus, Lucht Bühn un

Mogli : Tabaqui ! Waat mechs du dann hei? Bas du net bei dengem groussen Meeschter dem Schir-Kann?

Tabaqui : Den Schir-Khan huet d'lescht Nuecht en decken Stéier gefriess an lo hält hien säin Verdauungsschlof. Dofir hun ech lo gudd Zait ze kucken op et naischt Neies am Dschungel gett. An du? Sichs du eppes?

Mogli : Ech sichen Ness!

Tabaqui : Ness? *(laacht)* All Deier wees dass et hei keng Ness gett. Et as vill ze naass! Do gesait een et rem: den Mogli as souguer ze domm fir Ness ze fannen!

Mogli : Ei! Pass op mat weems du schwätz!

Tabaqui : An een wei's du gehéiert zum Ruddel vun den Sioni-Wellef! Schummen déi sech dann net fir dech!

Mogli : Verschwann! Ech brauch däin dommt Gesabbels guer net nozelauschteren.

Tabaqui : Du bas dach nemmen en dommen Menschenjong! Du geheiers guer net…

Mogli : *(Rennt den Tabaqui mat den Feiss)* … Soll ech dir no kommen, du Allesfresser! Léier mol dech ordentlech ze behuelen!

Lucht Bühn aus, Spot op d'Erzider

## Szene 6 :

Ismay : Huet den Bier dem Mogli während 10 Joer Saachen beibruecht?

Buldeo : Jo !

Murdoch : Daat as awer laang! An den Schir-Khan, den Tiger, huet wärend der Zait nie probéiert den Mogli dout ze maachen?

Buldeo : Nee! Daat wier och schwéier gewierscht! Den Mogli war oft beim Baghira an bei den Panther traut den Tiger sech net! Do war och nach den Akela, den Chef vun den Sioni-Wellëf an deen fäert den Schir-Khan! Mee den Schir-Kann huet vill Gedold!

Ismay : Waat mengt Dir domat?

Buldeo : Den Schir-Kann wousst, dass den Akela emmer mei aal gin as an iergentwann net mei staark genuch wier, fir Chef bei den Wëllef ze sin!

Murdoch : Mee daat as dach egal! Wann den Akela net méi Chef kann sin, dann kennt en aaneren an dann muss den Schir-Khan sech mat deem uleen!

Buldeo : Sou einfach as daat leider net! Dir wesst bestemmt dass vill Wëllef den Mogli net an hiirem Rudel wollten an deen neien Chef kéint jo den Mogli aus dem Ruddel verstoussen an dann hätt hien keng Chance mei geint den Schir-Khan!

Ismay : Mee waat as dann lo wierklech passéiert?

Buldeo : Ech zielen ierch et…

*(Den Mogli kennt op d'Bühn an sicht no Ness mee fennt keng. Wärend hien sicht kennt den Tabqui an kuckt him no. Ebemol entdeckt den Mogli hien.)*

Spot aus, Lucht Bühn un

Mogli : Tabaqui ! Waat mechs du dann hei? Bas du net bei dengem groussen Meeschter dem Schir-Kann?

Tabaqui : Den Schir-Khan huet d'lescht Nuecht en decken Stéier gefriess an lo hält hien säin Verdauungsschlof. Dofir hun ech lo gudd Zait ze kucken op et naischt Neies am Dschungel gett. An du? Sichs du eppes?

Mogli : Ech sichen Ness!

Tabaqui : Ness? *(laacht)* All Deier wees dass et hei keng Ness gett. Et as vill ze naass! Do gesait een et rem: den Mogli as souguer ze domm fir Ness ze fannen!

Mogli : Ei! Pass op mat weems du schwätz!

Tabaqui : An een wei's du gehéiert zum Ruddel vun den Sioni-Wellef! Schummen déi sech dann net fir dech!

Mogli : Verschwann! Ech brauch däin dommt Gesabbels guer net nozelauschteren.

Tabaqui : Du bas dach nemmen en dommen Menschenjong! Du geheiers guer net…

Mogli : *(Rennt den Tabaqui mat den Feiss)* … Soll ech dir no kommen, du Allesfresser! Léier mol dech ordentlech ze behuelen!

*(Den Tabaqui leeft for.Den Baghira kennt op d'Bühne.)*

Baghira : Waat as dann mam Tabaqui lass? Sou séier hun ech deen nach nie laafen gesin!

Mogli : Hien as hei opgetaucht an huet domm geschwaat, ech hun him en Fouss hannebei gin, an dun as hien fortgelaaf!

Baghira : Daat war awer domm vun dir!

Mogli : Fänk du net och nach un!

Baghira : Du bas lo schon 10 Joer hei an du misst sou lues wessen, dass den Tabaqui nie ouni Grond bei een kennt! Natiirlech nervt en fuerchtbar. Mee e weess och vill an et kann een vill vun him leieren. An daat as ganz wichteg fir dech!

Mogli : Fir mech! Waat soll ech dann nach leieren. Den Balu huet mir all d'Geheimnisser vum Dschungel erklärt!

Baghira : A leschter Zait gett vill iwwert dech geschwaat!

Mogli : Ou? An waat zielen se dann sou?

Baghira : Vill Wëllef sin der Meenung dass du net an den Ruddel gehéiers!

Mogli : Mee ech sin dach een vun hinnen! Ech liewen bei mengen Bridder a Schwesteren, beim Rama an beim Raschka. Ech hëllefen den Wëllef bei der Juegd an wéi oft hun ech hinnen schon Picken aus den Patten gezunn! Ech din hinnen näischt an dofir gleewen ech deen Quatsch och net!

Baghira : Et wier awer besser du géifs et gleewen! Root mol wien daat alles erzielt!

Mogli : Keng Ahnung!

Baghira : Firwaat mengs du dass den Tabaqui hei wor?

Mogli : Du mengs den Schir-Khan, den Tiger zielt daat?

Baghira : Ganz genau!

Mogli : Mee den Schir-Khan gehéiert net zum Ruddel an huet dofir och näischt ze soen!

Baghira : Mengs du? Egal wie feig den Tiger och ass, hien as net domm! Hien huet vill Frenn ennert deenen jonken Wellëf an déi gleewen him, dass du net an den Ruddel geheiers!

Mogli : Wann den Akela daat héiert, dann erennert hien d'Wëllef un d'Gesetzer vum Dschungel an dann as rem alles an der Rei!

Baghira : Den Akela huet dech gäer an sou laang hien kann, beschützt hien dech och, mee hien as aal an geschwenn net mei staark genuch fir Chef ze sin! An wann dann een vun deenen Jonken Chef gett, sidd dir zwee et méi secher!

*(Den Balu kennt ausser Otem op d'Bühn.)*

Balu : Ah ! Do as jo main klengen Fresch!

Mogli : Waat as dann lass du bas jo ganz ausser Otem!

Balu : Ech hun ierch gesicht den Mogli as an grousser Gefor!

Baghira : Waat as dann lass?

Balu : D'Wellëf waren den Moien op der Juegd, si haaten e puer Hirschen entdeckt an den Akela sollt den Hirschbock ugräifen an dout maachen, mee hien huet et net gepackt! All Wëllef sollen den Owend bei den Rotsfiels kommen!

Mogli : Kenns du och, Baghira?

Baghira : Du wees dach dass ech net an déi Versammlung kann goen an du solls am beschten och net goen!

Mogli : Ech gehéieren zum Rudel an dofir muss ech och an d'Versammlung!

Balu : Natiirlech. Mee denk dach mol no! Den Akela huet haut versoot! Den Owend kennt et bestemmt zum Kampf! An deen, deen géint den Akela gewennt as neien Chef. An wann daat een vun dem Schir-Kahn sengen Frenn as, dann brengen si den Akela an och dech den Owend nach em!

Mogli : Mee waat soll ech dann lo maachen, muss ech ierch verloossen? Kann ech net mei mat ierch hei am Dschungel liewen?

Baghira : Daat kann keen dir soen! Daat hängt dervun of ween den Owend neien Chef gett!

Mogli : Ech well awer net dass den Akela stierwt! Hien as schliesslech mäin Frend!

Balu : Och wanns du hien nach sou gaer hues, du kanns him lo net méi hellefen! Daat as nunmol d'Gesetz vum Dschungel!

Baghira : Ech hun eng Idee! Villaicht as nach net alles verluer! Laaf sou séier wie's du kanns bei d'Dierfer beim Waiunga-Floss! Fro d'Menschen do no der rouder Blum! Si wäert dir en gudden Frend sin, deen nach méi stark as wie ech, den Balu oder deng Geschwester!

Mogli : Daat packen ech bis den Owend an wann ech meng Bridder mathuelen geet et nach vill méi séier!

*(Den Mogli leeft séier vun der Bühn!)*

Balu : Laaf seier an vergiess net d'Blumm ze fidderen, fir dass si net futti geet!

Baghira : Mir drecken dir d'Daumen!



Baghira : Waat as dann lass?

Balu : D'Wellëf waren den Moien op der Juegd, si haaten e puer Hirschen entdeckt an den Akela sollt den Hirschbock ugräifen an dout maachen, mee hien huet et net gepackt! All Wëllef sollen den Owend bei den Rotsfiels kommen!

Mogli : Kenns du och, Baghira?

Baghira : Du wees dach dass ech net an déi Versammlung kann goen an du solls am beschten och net goen!

Mogli : Ech gehéieren zum Rudel an dofir muss ech och an d'Versammlung!

Balu : Natiirlech. Mee denk dach mol no! Den Akela huet haut versoot! Den Owend kennt et bestemmt zum Kampf! An deen, deen géint den Akela gewennt as neien Chef. An wann daat een vun dem Schir-Kahn sengen Frenn as, dann brengen si den Akela an och dech den Owend nach em!

Mogli : Mee waat soll ech dann lo maachen, muss ech ierch verloossen? Kann ech net mei mat ierch hei am Dschungel liewen?

Baghira : Daat kann keen dir soen! Daat hängt dervun of ween den Owend neien Chef gett!

Mogli : Ech well awer net dass den Akela stierwt! Hien as schliesslech mäin Frend!

Balu : Och wanns du hien nach sou gaer hues, du kanns him lo net méi hellefen! Daat as nunmol d'Gesetz vum Dschungel!


Baghira : Ech hun eng Idee! Villaicht as nach net alles verluer! Laaf sou séier wie's du kanns bei d'Dierfer beim Waiunga-Floss! Fro d'Menschen do no der rouder Blum! Si wäert dir en gudden Frend sin, deen nach méi stark as wie ech, den Balu oder deng Geschwester!

Mogli : Daat packen ech bis den Owend an wann ech meng Bridder mathuelen geet et nach vill méi séier!

*(Den Mogli leeft séier vun der Bühn!)*

Balu : Laaf seier an vergiess net d'Blumm ze fidderen, fir dass si net futti geet!

Baghira : Mir drecken dir d'Daumen!



Lucht Bühn aus, Spot op d'Erzieder

## Szene 7 :

Ismay : Eng roud Blumm?

Buldeo : Dir Englänner géift vum Feier schwaetzen!

Murdoch : Den Mogli soll also Feier sichen goen! Mee daat verstin ech net ganz! Huet den Balu him dann net gewisen wie een en Feier ufänkt?

Buldeo : Dir verstidd awer net vill vum Liewen an der Natur, soss weißt dir dass d'Déieren schrecklech Angscht firum Feier hun! An dofir kann den Balu och kengem weisen wie een en Feier mecht, well hien d'Feier fäert!

Ismay : Huet den Mogli dann keng Angscht virum Feier?

Buldeo : Neen! Hien as jo en Mensch!

Murdoch : Ech froen mech wei hien un daat Feier soll kommen!

Buldeo : Ganz einfach! Hien klaut et!

Spot aus, Lucht Bühn méi daischter

*~~Musik : Manuel de Falla « Der Liebeszauber : Ritueller Feuertanz~~ »*

Track 09

- *~~0 sec. – 20 sec~~. : Bühn eidel!*
- *~~21 sec. – 34 sec~~. : Een Duerfjong kennt op d'Bühn!.*
- *~~35 sec. – 56 sec~~. : Den Jong kuckt ronderem!*
- *~~57 sec. – 1 min. 03 se~~c. : Den Jong fellt sain Feierdeppchen mat Blieder, Äscht...*
- *1 ~~min. 04 sec. – 1 min. 50 sec~~. : Den Mogli an seng Bridder kommen an verstoppen sech. Den Jong pobeiert mat engem Bengel d'Feier unzefänken! Den Mogli an seng Bridder kucken no!*
- *1 ~~min. 51 sec. – 2 min. 00 sec~~. : Den Jong kuckt ängschtlech ronderem an den Mogli an seng Bridder verstoppen sech!*
- *2 ~~min. 01 sec. – 2 min. 56 sec~~. : Den Jong kritt d'Feier un!*
- *2 ~~min. 57 sec. – 3 min. 25 sec~~. : Den Mogli an seng Bridder erschrecken den Jong!*
- *~~3 min. 26 sec. – Schluss~~ : Den Mogli hellt d'Feierdeppen an leeft domat fort! D'Welléf laafen him no an den Jong bleiwt verzweifelt stoen!*

Lucht Bühn aus , Spot Erzieler

# Szeen 8 :

Ismay : An, huet den Mogli et faerdeg bruecht , d'Féier um brennen ze haalen ?

Buldeo : Natirlëch! En huet sëch an d'Hiel vum Rama a Raschka verstoppt. Do war en sëcher. Do huet en déi roud Blumm gefiddert, bis ët Zäit war, bei den Rotsfiels ze goen.

Murdoch : Sin d'Déieren beim Rotsfiels dann net direkt fortgelaaf , wéi den Mogli mat der rouder Blumm komm ass ?

Buldeo : Nee , well den Mogli huet sëch gudd virbereed...

Spot aus

*(Op der Bühn sin all déi mat spillen ze gesinn, den Akela läit virum Rotsfiels. Rieds um Fiels sëtzen den Schir-Khan, Tabaqui an d'Wellef , déi zum Tiger haalen. Lénks vum Fiels setzen Rama, Raschka, dem Mogli séng Bridder a Schwesteren, de Balu, de Baghira an den Mogli. )*

Lucht Bühn un

Schir-Khan : Wou mer elo all do sin, kann d'Versammlung ufänken. Et geet haut den Owend dorëm, ...

Mogli : Schir-Khan, du gehéiers nët zum Rudel vun de Sioni Wëllef, du hues keen Recht hei ze schwätzen!

Schir-Khan : Well de Ruddel kee Chef huet, huet et mëch gefroot,...

Mogli : Ween huet dëch gefroot, déng Frënn, d'Wëllef, déi elo all Dreck friessen?

Wollef 1 : Rouëg du Bouf! Haal däi Mond, d'Menschen hun hei näischt ze soen ! Mach dëch ewech !

Dem Mogli
säin Brudder: Hien gehéiert zum Ruddel

Dem Mogli
seng Schwester: Hien huet keen Gesetz gebrach!

Balu : Rouëg ! Rouëg w.e.g ! Ech schloen fir, deen doudegen Wollef soll schwätzen. Et geet jo em seng Nofolleg! Akela, du hues d' Wuerd!

Akela : Ech hun ierch net méi vill ze soen. Ech wees, dass ech gläich vun ierch embruecht gin, well ech ze schwach sin, fir äre Chef ze sin. Haut den Moien konnt ech den Hirschbock net embrengen, dofir hud dir d'Recht mech doud ze machen. Mee, dir musst eenzel kommen fir mat mir ze kämpfen. Ween géngt mech gewennt, wärt den neien Chef gin. Ech sin prett fir main leschten Kampf. Ween vun ierch well ufänken ?

*(D'Wellef kucken op den Bueden,keen huet den Mut den Akela unzegreifen.)*

Schir-Khan : Bah ! Ween interesséiert schon een aalen Wollëf ? Mech interesseiert eigentlëch daat Menschenkand! Vun Ufang un war hien fir mëch bestëmmt ! Méng Gedold ass elo, eriwwer! Méi wéi zeng Joer huet en hei alles op d'Kopp gehéit. Reckelt en eraus.

Lucht Bühn aus, Spot Erzieler

# Szeen 8 :

Ismay : An, huet den Mogli et faerdeg bruecht , d'Féier um brennen ze haalen ?

Buldeo : Natirlëch! En huet sëch an d'Hiel vum Rama a Raschka verstoppt. Do war en sëcher. Do huet en déi roud Blumm gefiddert, bis ët Zäit war, bei den Rotsfiels ze goen.

Murdoch : Sin d'Déieren beim Rotsfiels dann net direkt fortgelaaf , wéi den Mogli mat der rouder Blumm komm ass ?

Buldeo : Nee , well den Mogli huet sëch gudd virbereed...

Spot aus

*(Op der Bühn sin all déi mat spillen ze gesinn, den Akela läit virum Rotsfiels. Rieds um Fiels sëtzen den Schir-Khan, Tabaqui an d'Wellef , déi zum Tiger haalen. Lénks vum Fiels setzen Rama, Raschka, dem Mogli séng Bridder a Schwesteren, de Balu, de Baghira an den Mogli. )*

Lucht Bühn un

Schir-Khan : Wou mer elo all do sin, kann d'Versammlung ufänken. Et geet haut den Owend dorëm, ...

Mogli : Schir-Khan, du gehéiers nët zum Rudel vun de Sioni Wëllef, du hues keen Recht hei ze schwätzen!

Schir-Khan : Well de Ruddel kee Chef huet, huet et mëch gefroot,...

Mogli : Ween huet dëch gefroot, déng Frënn, d'Wëllef, déi elo all Dreck friessen?

Wollef 1 : Rouëg du Bouf! Haal däi Mond, d'Menschen hun hei näischt ze soen ! Mach dëch ewech !

Dem Mogli
säin Brudder: Hien gehéiert zum Ruddel

Dem Mogli
seng Schwester: Hien huet keen Gesetz gebrach!

Balu : Rouëg ! Rouëg w.e.g ! Ech schloen fir, deen doudegen Wollef soll schwätzen. Et geet jo em seng Nofolleg! Akela, du hues d' Wuerd!

Akela : Ech hun ierch net méi vill ze soen. Ech wees, dass ech gläich vun ierch embruecht gin, well ech ze schwach sin, fir äre Chef ze sin. Haut den Moien konnt ech den Hirschbock net embrengen, dofir hud dir d'Recht mech doud ze machen. Mee, dir musst eenzel kommen fir mat mir ze kämpfen. Ween géngt mech gewennt, wärt den neien Chef gin. Ech sin prett fir main leschten Kampf. Ween vun ierch well ufänken ?

*(D'Wellef kucken op den Bueden,keen huet den Mut den Akela unzegreifen.)*

Schir-Khan : Bah ! Ween interesséiert schon een aalen Wolléf ? Mech interesseiert eigentlëch daat Menschenkand! Vun Ufang un war hien fir mëch bestëmmt ! Méng Gedold ass elo, eriwwer! Méi wéi zeng Joer huet en hei alles op d'Kopp gehéit. Reckelt en eraus.

Wollef 1: Hien ass en Mënsch!

Wollef 2: Waat hun mir mat engem Mënschenkand ze din!

Wollef 3: Ech haassen Mënschen !

Wollef 4: Hien soll zëreck bei d'Mënschen !

Rama : Hien huet mat eis giess an geschlof !

Raschka : Hien huet eis bei der Juegd gehollef !

Balu : An hien huet nie een Gesetz gebrach !

Baghira : Ech hun virun zéng Joër e Präis fir hien bezuelt !

Akela : De Mogli gehéiert zum Rudel. Hien ass een vun eis, och wann en Menschenblut an séngen Oderen huet. Et ass schrecklëch, dass ech zum Schluss vun méngem Liewen dat do nach muss materliewen. Déi mescht Wëllef vum Sioni Rudel sin Feiglingen, sie géifen e Kand dout man, wat näischt verbrach huet an nach vill Joeren Liewen kinnt. Dofir, macht mëch dout. Main Liewen ass gläich zu Enn. Ech wiere mech och net, loost awer den Mogli liewen.

Wollef 2: Et as e Mënsch ! E soll verschwannen!

Mogli : Lauschtert emol ! Gäre wier ech mat ierch e Wollef bliewen, bis zu mengem Doud. Haut huet dir ëmmer erëm betount, ech wier e Mënsch. Ech fillen, dir sot d'Wourecht. Ech gin zereck bei d'Mënschen. Keen vun ierch leet mir Steng an de Wee, well ech hun déi roud Blumm bei mir.

*(De Mogli helt e brennenden Ascht eraus.D'Wëllef gin e Schrëtt zeréck wéi hien op sie duer geet.)*

Mogli : Den Akela war ëmmer een treien Frënd . Ech wëll dass him näischt geschitt. Hien get net doutgemat. Ech loossen daat net zou. An du Schir-Khan, du jots mech schon 10 Joër laang. Demols wie's du Dierfer um Waiunga Floss iwwerfall hues, hues du mech net kritt. Ech war e Puppelchen an konnt mech net wieren. Awer haut weisen ech der, wat ech mat dir Tiger machen.

*(Leeft mat der Fackel rondrem den Schir-Khan an versëngt sain Pelz .)*

Mogli : Verzéi dech, du versengte Kaz.

*(Schir-Khan an Tabaqui verloosen d' Bühn. Mogli bedréit elo d'Wëllef, dei mam Schir-Khan waren mat sengem brennenden Ascht.)*

Mogli : A fort mat ierch, déi all Knascht friessen. Dir sidd eng Schan fir all d'Wëllef !

*(D' Wëllef verloossen d'Bühn.)*

Lucht Bühn ous, Spot op d' Erzieler

# Szeen 9 :

Ismay : Elo wësse mir firwaat den Schir-Khan net méi hei ass a firwaat en de Pelz versengt huet.

Murdoch : Ass en nie méi zereck komm ?

Buldeo : Mir hun nie méi een Tiger an der Géigend vum Waiunga Floss gesinn .

Ismay : An de Mogli ? As en bei d'Mënschen zereckgangen ?

Buldeo : Jo hien ass zereck gaangen. An der selwechter Nuecht as e fortgangen a gouf an engem Duerf beim Waiunga Floss opgeholl.

Murdoch : Komesch. Hien konnt einfach vun de Wëllef fortgoen, mat deenen hien esou laang zesummen geliewt huet an déi hien grouss gezun hun.

Buldeo : Jo, awer virdrun huet hien senger Wollefsfamill an sengen Frënn Eddi gesot...

Spot aus

*~~Musik : Hans Zimmer « This Land~~ »* Track 10

Lucht Bühn méi daischter,

- *~~sec. – 15 sec~~. : De Mogli sëtzt traureg virum Rodsfiels*
- *~~16 sec. – 29 sec~~. : Mogli seet dem Akela Eddi*
- *~~30 sec. – 1 min. 11 sec~~. : Mogli seet dem Rama, Raschka, sengem Bruder a senger Schwester, dem Balu a dem Baghira Eddi.*
- *1 ~~min. 12 sec. – 1 min. 35 s~~ec. Mogli verléisst d' Bühn.*
- *1 ~~min. 36 sec. – 1 min. 44 sec~~. Rama, Raschka, dem Mogli säin Bruder a seng Schwester, de Balu an de Baghira kucken dem Mogli no.*
- *~~1 min. 45 sec. – 2 min 14 s~~ec. Rama, Raschka, dem Mogli seng Bridder a Schwestern, Balu a Baghira verloossen d' Bühn, de Buldeo, Sir Archibald Murdoch an Lord Ismay gin hinnen no.*

# Rollen :

| | |
|---|---|
| • Buldeo, en indeschen Jeer | Laura |
| • Lord Bruce Ismay, engleschen Jeer | Georges |
| • Sir Archibald Murdoch, engleschen Jeer | Rémy |
| • Tabaqui, de Schakal | Lynn |
| • Rama, Wollefspapp | Max E |
| • Raschka, Wollefsmam | Elisabeth |
| • Mogli | Mickaël |
| • Schir-Khan, den Tiger | Charlie |
| • Akela, Leader vun de Sioni Wëllef | Julie |
| • Balu, de Bir | Chris |
| • Baghira, de Panther | Sandy |
| • Dem Mogli seng Schwester | Stéphanie |
| • Dem Mogli säin Brudder | Jérôme |
| • Wollef 1 | Eric |
| • Wollef 2 | Ben |
| • Wollef 3 | Matthieu |
| • Wollef 4 | Liz |
| • Jong aus dem Duerf | Brian |
| • Mamm vum Mogli | Lucie |
| • Papp vum Mogli | Kevin C. |
| • Leit aus dem Duerf | Alex |
| | Bibi |
| | Hélène |
| | Jim |
| | Kevin |
| | Luca |
| | Max P. |
| | Michel |
| | Michelle |
| | Mike |
| | Xavier |

Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

**Grupp St Marc/Martin**
SANDWEILER

Wëllefcher

sandweiler@lgs.lu
http://lwww.lgs.lu/sandweiler

# D'Dschungelbuch

**Vum Rudyard Kipling**

däitschen Text : Laurent Stoffel

NUMM: TECHNIK

